# d'Peffermillen

De Kulturministär huet vrun e puer Méint e Buch erausgin an de "Publications Nationales", an deem d'Häre J.Metzler, J.Zimmer a L.Bakker d'Resultater vun den Ausgruewungen zu Iechternach (Réimervilla Schwaarzuecht, Porkiirch) definitiv présentéieren. Och wann dës Publikatioun sech un éischter Linn un e spezialiséierte, wëssenschaftleche Publikum riicht, as de Präis onverschimpt deier. Mä ëm de Präis gët ët en 2. Skandal géint deen de Koschter protestéiert. De Staat huet nämlech mat der Firma Linster e Kontrakt gemaach, deen hir de Monopol vun der Diffusioun vu Staatspublikatiounen zousëchert. (Dat gëllt z.B. och fir Schoulbicher) Dës Firma liwert awer hei am Land nëmmen u Librairien, nët u Privatpersounen. An deem Fall kascht d'Buch de Keefer 345o Frang! Vum Ausland aus kënnen och Eenzelpersounen d'Buch direkt bei der Firma Linster (13, rue Glesener, Luxbg.) bestellen, an da kascht ët 25oo Frang! De Koschter protestéiert awer nët nëmme géint dëse Monopol a di skandaléis Preisdiskriminatioun, e wees och en Trick fir interesséiert Keefer: Sicht Iech e Korrespondent am Ausland, deen d'Buch bestellt an Iech ët weiderliwert. Suguer mam duebele Porto as ët nach mi bëlleg wi hei. m.p.

*

D'"Cargolux", där hir Geschäfter am Waffenhandel de Koschter hei schon öfters ugeklot huet, as lo endlech mol eng Kéier bäigelaf. Suguer d'Ausseministerin huet sech ageschallt, well d'Firma Këschte mat sougenannten "Ersatzstécker fir Trakteren" un Argentinie geliwert huet. Hun am Géigesatz zu den engleschen Zaldoten d'Neger am Uganda kee Recht op Liewen, dass d'Madame Flesch näischt ënnerholl huet, wi "forum" auslännesch Noriichten iwer der "Cargolux" hir Waffeliwerungen un d'ugandesch Machthaber publizéiert huet? (Nr.51-52 /81) g.

*

De Statut fir Entwécklungshelfer as also endlech iwert di parlementaresch Bühn. Ob ët sech lount, ob d'Diskussiounen zréckzekommen, muss de Koschter gesin, wann en de Chambersbericht gelies huet. Sëcher as awer elo schon, dass d'Deputéiert ee Versprieche nët gehal hun, dat se Enn 1981 suguer en enger Resolutioun festgehalen haten (vgl."forum" Nr.53/16.1.1982), nämlech eng verdéiften Diskussioun iwert den Honger an der Welt ze féieren. D'Kollegen aus dem Europaparlament - ënnert dem moraleschen Drock vum radikalen Deputéierten aus Italien Marco Panella, deen se soss su gär op den Arm huelen, - hun elo schon di 2. Debatt zu deem Thema hannerun sech: si wollten dobäi och kucken, wat op hir éischt Debatt hin, säit zwee Joer, erfollégt as: Zu Lëtzebuerg nët vill!

m.p.